N°383
Entrée le 18.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op déi parlamentaresch Fro n°383 vum 22. Februar 2024 vun den éierbaren Deputéierten Corinne Cahen an André Bauler**

Ech verweisen déi honorabel Deputéierten op de Staatsbudget fir d'Joer 2024, wou d'Eckdate vum Budget skizzéiert ginn an op d'Explikatiounen, déi ech am Kader vun der Präsentatioun vun dësem Budget der Chamber de 6. Mäerz 2024 ginn hunn.

D'Personal beim Staat soll an Zukunft manner séier klammen, wéi dat an der Vergaangenheet deelweis de Fall war. Dat ass zum engen doduerch bedéngt, dass de Staat net ëmmer d'Leit fënnt, déi e sicht. Et sief hei drun erënnert, dass am Hierscht 2023 nach ronn 1.800 Poste beim Staat onbesat waren. Zum anere wëll d'Regierung verstäerkt op d'Digitaliséierung an eng Vereinfachung vun de Prozedure setzen. Déi meeschten Neiastellunge si bei der Police an an der Educatioun virgesinn.

Wat d'Funktionnementskäschten uginn, sou sinn dës an de Joren 2019-2023 an der Moyenne ëm 10% d'Joer an d'Luut gaangen. Fir 2024 gëtt mat enger Progressioun vu 7,3% gerechent.

Ech wëll ofschléissend drop hiweisen, dass d'Investitioune weiderhin op engem héijen Niveau wäerte gehale ginn; dat betrëfft och d'Investitiounen an d'Infrastrukturen. D'Regierung leet hei besonnesch wäert op d'Mobilitéit, déi energeetesch Transitioun an d'Digitaliséierung an orientéiert sech no de politesche Prioritéiten aus dem Koalitiounsprogramm, ouni d'Nohaltegkeet vun de Staatsfinanzen aus den Aen ze verléieren.

Lëtzebuerg, de 18. Mäerz 2024

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth